

Op déi Jonk aus dem Berufsstand lauschteren

**Begréissung duerch de Christian Hahn,
Oftriedende President vun de Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer**

Léif Éieregäscht,
Léif Memberen a Frënn vun de Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer,

Dir Dammen an Dir Hären,

Am Numm vun de Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer hunn ech d'Éier, fir Iech ganz härezelech um dësjärege Jongbaueren- a Jongwënzerdag ze begréissen. Erlaabt mir awer - éier mir zum eigentleche Programm vum Owend kommen - fir eisen neien Äerzbëschof, de Monseigneur Jean-Claude Hollerich, ze begréissen.

En oppent Ouer fir déi Jonk vum Land

Här Äerzbëschof,

Als Jugendmouvement mat staarke kierchleche Wuerzelen, si mir frou, fir Iech haut eng éischte Kéier op eisem *Jongbaueren- a Jongwënzerdag* wëllkomm ze heeschen. Eis Organisatioun ass bekanntlech nom 2. Weltkrich ënner dem Impuls vu wäitsiichtege Männer an dem Jesuitempater Henri Spoden nei opgelieft, fir jonke Leit aus dem Baueremilieu e Kader ze bidden, an deem se sech organiséieren konnten, fir hire berufflechen, reliéis a kulturellen Intressen nozekommen.

Si huet zënterhier ëmmer op d'Ënnerstëtzung vun der Lëtzebuenger Kierch konnten zielen. Déi permanent Fräistellung vun engem Aumônier war - an ass - eng onschätzbar Stëtz fir eng Organisatioun, déi op villen Terrainen tätig ass. Nom Bauerepater Henri Spoden, hu bekanntlech den Abbé Léon Kirsch an duerno den aktuellen Nationalaumônier an nei ernannte bëschoflechen Delegéierte fir d'Pastoral, **eise** Leo Wagener, de Verband staark geprägt. Mir sinn hinnen - an Äre Virgänger, déi dëst erméiglecht hunn - zu grousem Respekt verpflichtet.

Här Äerzbëschof, Är Präsenz haut ënnert äis, iwwerzeecht äis, datt Dir en oppent Ouer fir d'Suerger an d'Erwaardunge vun deene Jonken aus dem Baueremilieu hutt.

Huet deemno dës Bouquet Blumme vun äis un, als Wäertschätzung fir Ären Intressen un de Belaanger vun deene Jonke vum Land.

Gudde Kontakt zu de politesche Verantwortlechen an de Verwaltungen

Dir Dammen an Dir Hären,

No deene leschte Chamberwahlen krute mir bekanntlech nei zoustänneg Ministèren an de Beräicher Landwirtschaft an Nohaltegekeet. Mir si frou, datt dee gudde Kontakt, deen eis Organisatioun an der Vergaangenheet mat den zoustännegen Ministèren an Administratiounen hat, weiderhin oprecht erhalen - jo esouguer an deene leschte Joren ausgebaut konnt ginn - an eis Iwwerleeungen zu de landwirtschaftlechen Thematiken ëmmer nees oppen Ouere bei de Verantwortlechen fonnt huet / fënnt. Am Numm vun de Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer soen ech Iech dofir vun dëser Plaz aus e ganz grouse Merci.

Et ass wichteg, datt op d'Jugend gelauschtert gëtt. Ouni si gëtt et keng Zukunft fir d'Lëtzebuerger Landwirtschaft, déi ëmmer nach immens wichteg fir eist Land ass!

Innerhalb vun eiser Organisatioun - an am Speziellen an eisem Decisiounsgrupp mam *OekoZenter Lëtzebuerg* - ass et och zu engem Changement komm. Den Ëmweltberoder Claude Neuberg steet net méi zur Verfügung, sou datt mir nei Weeër mam *OekoZenter* an d'A gefaasst hunn. Mir si frou, datt mir eng gemeinsam Richtung fonnt hunn, déi mir lech den Owend hei kënnen virstellen. An e puer Amenter kommen de Jeff Boonen an d'Mme Fink-Keßler am Detail op dese Punkt zréck.

Konkret Ëmsetzung vun der Iddi vun der Groussregioun

Ech wëll dann e puer Wuert iwwert deen neien Agrarzenter verléieren, dee bekanntlech op Perl an Daitschland stoe kënnt. Perséinlech sinn ech der Meenung, datt et net esou schlecht ass, datt en op där anerer Säit vun der Grenz gebaut gëtt. Iwwer dese Wee gëtt emol en Zeeche gesat, wat déi **komplizéiert a laangwiereg Genehmigungsverfahren** hei am Land betreffen.

Et gëtt jo vill iwwer d'Groussregioun geschwat. Abee, de Projet vum Verband setzt d'Iddi vun der Groussregioun an d'Praxis ëm. Engem jonken an dynamesche Betribsleeder ass et schliisslech relativ egal, wou hien säi Fudder hierkritt. Dat wat stëmme muss, dat ass de Präis. Do läit et an den Hänn vum Verband, fir an deenen nächste Joren ze weisen, a wat fir eng Richtung, datt geschafft gëtt. Mir hunn des Léisung deemno besser als Chance unzehuelen, wéi äis elo Jorelaang iwwer d'Decisioun vun den Zoustännege vum Verband opzereegen.

Merci

Mam Laurent Frantz stelle mir säit deem Joer de Vizepräsident vum CEJA, dem Europäeschen Daachverband vun de Jongbuerenorganisatiounen aus der EU. Dat erméiglecht et äis, fir eis Intressen op europäeschem Niveau ze verrieden an e gewëssen Impakt op déi Europäesch Agrarpolitik ze hunn. Mir soen him Merci fir säin Engagement am Intressi vun der nationaler an europäescher Landwirtschaft.

Loosst mech zum Schluss nach e puer weider Mercien ausschwätzen, fir déi respektiv moralesch a finanziell Ënnerstëtzen, déi eiser Organisatioun zegutt kommen:

- un déi Verantwortlech vum Landwirtschafts-, dem Nohaltegkeets- an dem Familljeministère;
- un eis zoustänneg Verwaltungen;
- un all déi landwirtschaftlech Organisatiounen, un de Lycée Technique Agricole a speziell un d'Mme Direkter Martine Hansen, datt si äis d'Raimlechkeeten iwwer d'Joer erduerch an och haut zur Verfügung stellt;
- un de Bistum
- a besonnesch un eisen Nationalaumônier, den Abbé Leo Wagener, ouni dee mir net auskomme géifen. De Leo ass d'Häerz vun eisen Organisatiounen - de Lëtzebuerger Jongbueren a Jongwënzer, der Lëtzebuerger Landjugend an der ONG. Hien assuréiert de Funktionnement vun dësen Associatiounen, wou Jonk an Al gären op hien zréckgréife kënnen.
- Ech wëll eis Leit an der Zentral am Centre Convict net vergiessen – d'Madame Marie-Rose Kickert an den Här Franz Glodt, deene keng Aarbecht zevill ass, fir äis ze ënnerstëtzen.
- E weidere Merci geet un den Aarbechtsgrupp Zuucht an un all déi regional Gruppe vun der *Lëtzebuerger Landjugend – Jongbueren a Jongwënzer*, déi dat ganz Joer iwwer eng Hand mat upaken, wann si gebraucht ginn.

Virstellung vum neien Nationalpresident vun de LJB&JW

Dir Dammen an Dir Hären,

Wéi Dir an der Invitatioun zum dësjärege Jongbaueren- a Jongwënzerdag gelies hutt, huet de **Jeff Boonen** d'Functioun vum Nationalpresident vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer säit deem leschten Nationalcomité iwwerholl. Ech wëll Iech de Jeff kuerz virstellen:

De Jeff huet 26 Joer. Hien huet seng Schoul am *Lycée Classique* zu Dikrech gemaach an huet dono Agronomie zu Louvain studéiert.

Virun ongeféier zwee Joer huet de Jeff sech am regionale Grupp vun der Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer *Zenter* an de Comité gemellt an ass gläich drop och am Nationalcomité an am Präsidium vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer tätég ginn.

Iwwregens war säi Papp zu senger Zäit och scho ganz aktiv bei de LJB&JW. Ech si ganz fest dovun iwwerzeegt, datt och de Jeff sech mat Leif a Séil fir d'Intressen vun eiser Organisatioun a fir d'Belaangen vun der Lëtzebuerger Landwirtschaft asetzt. Ech sinn iwwerzeegt, datt him déi tatkräfteg Ënnerstëtzung vun all de Membere vun eiser Associatioun gewëss ass. Ech wënschen him **Bonne Chance!**